REÇU
Par Christine Wirtgen , 08:23, 27/04/2020

**Monsieur Fernand Etgen**
**Präsident vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 24. Abrëll 2020

Här Präsident,

Esou wéi den Artikel 84 vun eisem Reglement dat virgesäit, wéilte mir folgend dringend parlamentaresch Fro un d'Häre Ministere fir Wirtschaft a fir de Mëttelstand stellen.

Duerch groussherzoglecht Reglement vum 25. Mäerz 2020 huet d'Regierung eng „Indemnité d'urgence" vu 5000 Euro agefouert fir Betriber, déi opgrond vun den Artikelen 2 an 3 vum groussherzogleche Reglement vum 18. Mäerz 2020 hir Etablissementer hu missen zoumaachen respektiv hir Aktivitéiten astellen. Eng vun de Viraussetzungen fir kënne vun dëser Hëllef ze profitéieren, war, dass de Betrib eng Handelsermächtegung laut Gesetz vun 2011 konnt virweisen.

Ronn 2 Woche méi spéit gouf dunn eng nei direkt Hëllef fir sougenannten Independanten agefouert. Vun där Hëllef sollten och Assistants parentaux kënne profitéieren. Dës direkt Hëllef war op e Montant vun 2.500 Euro an ass och un eng Rei Bedingungen.

**Laut eisen Informatiounen waarden nach eng Rei Betriber op eng Äntwert op hir Demande fir Direkthëllef, déi, wéi gesot, virun engem Mount präsentéiert gouf.**

An dësem Kontext wéilte mir folgend Froen un d'Häre Ministere stellen:

- Wéi vill Demanden fir eng Indemnité d'urgence vu 5.000 Euro nom groussherzogleche Reglement vum 25. Mäerz 2020 si op staatlecher Säit agaangen?
    - Wéi vill vun deenen Demanden goufen aktuell schonn traitéiert?
    - Wéi vill Demanden goufe refuséiert an aus wéi enge Grënn? Wier et méiglech déi Grënn quantifizéiert ze kréien (z.B. wéi vill vun de Betriber waren net eligibel, well se keng Handelsermächtegung haten, wéi vill Betriber waren net eligibel, well se 10 a méi Mataarbechter haten etc.
    - Wéi vill Betriber kruten „hir" Indemnitéit schonn iwwerwisen?
    - Wéini mengt d'Regierung, dass déi nach ausstoend Betriber „hir" Indemnitéit ausbezuelt wäerte kréien?
    - Wier et méiglech all dës Informatiounen opgeschlësselt no Sekteur ze kréien?

- Wéi vill Demanden vun Independanten am Kontext vum groussherzogleche Reglement vum 8. Abréll 2020 sinn op staatlecher Säit agaangen?
    - Wéi vill vun deenen Demanden goufen aktuell schonn traitéiert?
    - Wéi vill Demanden goufe refuséiert an aus wéi enge Grënn?
    - Wéi vill Independanten kruten „hir“ Indemnitéit schonn iwwerwisen?
    - Wéini mengt d’Regierung, dass déi nach ausstoend Independanten „hir“ Indemnitéit ausbezuelt wäerte kréien?
    - Wier et méiglech all dës Informatiounen opgeschlësselt no der jeweileger Aktivitéit vun den Independanten ze kréien?

Mir bieden Iech, Här Präsident, eisen déifsten Respekt entgéint ze huelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Marc Spautz
Deputéierten

Le caractère urgent de la question n’a pas été reconnu (27.04.2020)

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

Luxembourg, le 26 mai 2020

REÇU
Par Alff Christian , 08:46, 27/05/2020

Le Ministre des Classes moyennes
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**Objet:** **Question parlementaire N° 2090 du 24 avril 2020 de Madame la Députée Martine Hansen et de Monsieur le Député Marc Spautz**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Pour le Ministre des Classes moyennes,

Françoise Schlink
Premier Conseiller de Gouvernement

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

126-000169-20191122-FR

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Mëttelstand, Lex Delles, an dem Minister fir Economie, Franz Fayot, op d'parlamentaresch Fro n°2090 vum 24 Abrëll 2020 vun der Madame Deputéiert Martine Hansen a vum Här Deputéierten Marc Spautz.**

Déi zwou benannten Hëllefe kënne bis de 15. Juli 2020 ugefrot ginn. Dofir ass et wichteg ze betounen, dass déi Zuelen déi aus dëser Äntwert ervirginn de Statut vum 19. Mee 2020 erëmspigelen.

**1° Betreffend de groussherzogleche Reglement vum 25. Mäerz 2020**

- 12.957 Ufroe sinn insgesamt gestallt ginn
- 12.929 vun dësen Ufroe sinn traitéiert
- 6.988 vun dësen Ufroe goufe refuséiert
- 5.969 Dossier'en sinn ausbezuelt
- 28 Dossier'en ginn an de nächsten Deeg ausbezuelt

Fir ee bessert Versteesdemech vun der héijer Unzuel vu Refus'en ze kréie schéngt et eis wichteg fir d'Äntwert an de chronologesche Kontext ze setzen. Nodeems eng sëllege Betriber duerch d'Akraafttriede vum groussherzogleche Reglement vum 18. Mäerz hir Dieren hu missten zou maachen, huet d'Regierung de 25. Mäerz (also innerhalb vun enger Woch) eng éischt Hëllef ausgeschafft. Dës Hëllef war u verschidde Konditioune geknäppt a war prioritär geduecht fir déi Betriber, déi duerch d'Akraafttriede vum groussherzogleche Reglement vum 18. Mäerz hir Dieren hu missten zou maachen (virun allem also den Eenzelhandel an de Bausecteur).

Et ass nozevollzéien, dass sech quasi all Betrib fir dës Hëllef gemellt huet, an der Hoffnung iwwert de Wee vun dëser éischter Mesure eng finanziell Ënnerstëtzung ze kréien. Vill Leit hunn een Dossier eragereecht, obwuel vu vir era gewosst war, dass si net konnten an de Genoss vun dëser éischter spezifescher Hëllef kommen. Et handelt sech hei virun allem ëm Leit a Betriber

- déi keng Fermeture duerch de groussherzogleche Reglement vum 18. Mäerz operluecht kritt hunn an theoretesch nach konnte weiderschaffen (Beispiller : Import-Export, Business to business, Prestataires de service, Vente à distance asw.) ;
- déi keng Handelsermächtegung haten an och net onbedéngt eng Handelsermächtegung fir den Exercice vun hirer Aktivitéit brauchen (Beispiller : Affektoten, Artisten, Kinesitherapeuten asw).

D'Regierung war sech hirer Verantwortung awer bewosst an huet fir des Betriber a Persounen eng cibléiert Léisung ugebueden a weider finanziell Hëllefen ausgeschafft fir d'Independant'en a fir déi Betriber déi zwar konnte weiderschaffen, awer eng substantiell Abouss vun hirem Ëmsaz hunn. Dës Hëllefe goufe mam groussherzoglecht Reglement vum 8. Abrëll, respektiv mam groussherzogleche Reglement vum 24. Abrëll ëmgesat.

**2° Betreffend de groussherzogleche Reglement vum 8. Abrëll 2020**

- 2.592 Ufroe sinn insgesamt gestallt ginn
- 2.553 vun dësen Ufroe sinn traitéiert
- 396 vun dësen Ufroe goufe refuséiert
- 1.671 Dossier'en sinn ausbezuelt
- 228 Dossier'en ginn an de nächsten Deeg ausbezuelt